N°1539
Entrée le 18.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 1539 vum 19. November 2024 vum Här Deputéierte Mars Di Bartolomeo.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zum CITA (Contrôle et Information du Trafic sur les Autoroutes).

Virop ass ze bemierken, dass den CITA vum ILR (Institut Luxembourgeois de Régulation) als "Opérateur essentiel" am Kader vun der Datesécherheet agestuft ass. Den CCT (Centre de Contrôle de Trafic) ass an den CITA integréiert. Den CCT ass vum Haut-Commissariat à la Protection Nationale (HCPN) als "Infrastructure critique" agestuft.

Den CITA ëmfaasst souwuel d'Kommunikatiounreseauen wéi och d'Equipementer op der Plaz. Déi zentral Missioune vum CITA sinn ënner anerem dann och d'Gestioun vum Trafic, d'Späre vu Spueren, d'Informéieren an d'Warne vun de Stroossennotzer*innen bei Accidenter oder aneren Tëschefäll op den Autobunnen an d'Gestioun vun den Autobunnstunnellen.

Zu der  Moderniséierung ass ze soen, dass si wäit iwwer eenzel Projeten erausgeet a ronn 80 eenzel Initiativen ëmfaasst. Déi Initiative sinn an 2 Phasen agedeelt.

An der éischter Phas soll garantéiert ginn, dass d'Systemer weider funktionéieren. Dëst sinn d'Equipementer an d'Softwaren, déi fir een effizient Steiere vun den Infrastrukture wichteg sinn.

An der zweeter Phas stinn déi zukünfteg Funktionalitéite vum CITA un. Dës Entwécklunge sinn an der "Vision stratégique CITA 2030" festgehalen a sinn am gaangen ëmgesat ze ginn. Op der Liaison Micheville sinn zum Beispill déi nei "Panneaux à message variable" an der Testphas.

Wat déi grouss Aarbechten op eisen Autobunnen ubelaangt esou stelle si d'Grondlag duer fir dem CITA spéider déi nei Funktionalitéiten ze erméiglechen.

Lëtzebuerg, den 18.  Dezember 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes